LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**REÇU**
*Par Alff Christian , 08:10, 12/01/2021*

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**5, rue Plaetis**
**L - 2338 Luxembourg**

Luxembourg, le 8 janvier 2021

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°3122 |

**Concerne : Question parlementaire N°3122 de l'honorable Député Sven Clement**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Pour le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Tom OSWALD**
**Coordinateur général**

26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg

Tel : (+352)247-86122
Fax : (+352) 49 38 76

info@mte.public.lu
www.mte.public.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch an dem Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°3122 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

1. ***Zu Lëtzebuerg musse 5% vun de Posten am ëffentlechen Déngscht vu Persoune mat engem Statut de salarié handicapé besat ginn. Sinn déi 5% vu Salariés handicapés am ëffentlechen Déngscht iwwerall erfëllt? Falls net, firwat net?***

Déi éischt Fro ass e bëssen iwwerraschend, well genee dëse Sujet am Kader vun enger erweiderter parlamentarescher Ufro vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz den 12. Mee 2020 am Detail am Plenum vun der Chamber vum Minister fir d'Fonction publique beäntwert gouf, dat och a Präsenz vum honorablen Deputéierte Sven Clement. No esou kuerzer Zäit hu sech d'Zuelen dann och net signifikant verännert. Et sinn am Ganzen 914 Agenten an der Fonction publique ënnert dem Statut vum Salarié handicapé beschäftegt, 2 méi wéi nach am Mee 2020. Am Régime vum Employé maachen dat 7,3% a beim Salarié 11,3% aus. Bei de Fonctionnairë stinn eis keng Zuelen zur Verfügung aus den Ursaachen, déi an der Interventioun vum 12. Mee expliziéiert goufen an en iwwergräifende Prozentsaz fir déi ganz Fonction publique kann dowéinst net genannt ginn.

2. ***Och fir de privat Secteur ginn et Virgaben. Esou muss zum Beispill eng Firma mat méi wéi 300 Mataarbechter 4% vun hire Poste mat Persoune mat engem Statut de salarié handicapé besetzen. Falls een Employeur d'Quot net erfëllt, muss hien dem Staat 50% vum Mindestloun vun engem Employé iwwerweisen.***
    - ***Wéi vill privat Betriber halen sech net un déi Gesetzlech festgeluechte Quoten?***

Vun den am Ganzen 2.359 Betriber, déi am Februar 2020 25 oder méi Salariéen beschäftegt haten, hunn 1.928 Betriber (81,7%) d'Quot net erfëllt. An der Kategorie vun de Betriber mat 300 a méi Beschäftegte läit dësen Taux souguer bei 98% (154 vun 157 Betriber).

Bei den Entreprisen, déi 25-49 Salariéën beschäftegen, sinn 33 % vum Quota erfëllt. Bei den mëttelgroussen Entreprisen mat 50-299 Salariéës, sinn souguer 72 % erfëllt. An der Kategorie vun den Entreprisen mat 300 a méi Mataarbechter, sinn 27% vum Quota erfëllt.

De folgenden Tableau gëtt en detailléierten Iwwerbléck iwwer d'Situatioun am Privatsecteur:

| Entreprises | de 25-49 salariés | de 50-299 salariés | de 300 salariés et plus |
|---|---|---|---|
| Nombre total de salariés | 39 823 | 114 171 | 112 983 |
| Nombre d'entreprises | 1 150 | 1 052 | 157 |
| Seuil correspondant à l'application du quota | 1 150 | 2 246 | 4 521 |
| Nombre de salariés SH | 385 | 1 615 | 1 222 |
| Ecart absolu entre salariés SH et quotas | -765 | -631 | -3 299 |
| Ecart relatif entre salariés SH et quotas | 33% | 72% | 27% |
| Nombre d'entreprises ne respectant pas le quota SH | 932 | 842 | 154 |
| Pourcentage d'entreprises ne respectant pas le quota SH | 81% | 80% | 98% |

Période de référence : février 2020 / le choix de cette période est lié à la volonté de s'extraire de tout impact de la crise COVID sur les chiffres. Sources : ADEM-IGSS. Calculs : IGSS.

- ***Wéi vill Employeuren hunn dës Strof respektiv dësen Ausgläich dëst Joer schonn un de Staat bezuelt? Muss dëse Montant eemol am Mount oder eemol am Joer un de Staat iwwerwise ginn?***

Den Artikel L. 562-5 vum Code du travail gesäit vir, dass am Fall vun engem Refus vum Employeur fir déi virgeschriwwen Unzuel vun Salariés handicapés anzestellen, finanziell Sanktiounen ustinn. De Fait eleng, dass Quoten net erfëllt sinn, bedeit awer net forcément, dass e Refus vum Employeur virläit. D'Situatioun wär anescht, wann e Salarié handicapé mat der néideger Qualifikatioun sech an engem Betrib, deen d'Quoten net anhällt, op eng fräi Plaz mellt an net géif agestallt ginn. An deem Fall misst d'Sanktioun appliziéiert ginn. Dem Aarbechtsministère läit aktuell keng esou eng Reklamatioun vir.

- ***Wat fir Moossname gesäit de Staat fir, fir d'Betriber zum Anhale vun de Quoten ze motivéieren?***

De Staat verfüügt iwwert eng ganz Rei vu Mesuren an Bäihëllefen, fir d'Betriber ze incitéieren, Mataarbechter mat enger Behënnerung anzestellen:

- Eng staatlech Bäihëllef zum Loun vu 40%-100%, inklusiv d'Charges patronales ;
- Bedeelegung u Formatiounskäschten ;
- Speziell Bäihëllefe fir d'Aarbechtsplaz an d'Aarbechtsëmfeld ze amenagéieren ;
- Bereetstellung vu spezialiséierten Aarbechtsequipementer ;
- Bedeelegung un den Transportkäschten.

Mam Gesetz vum 1. August 2019 ass d'Aktivitéit vum « Assistant à l'inclusion » agefouert ginn. Dëst erlaabt et engem Betrib, zesumme mam betraffene Mataarbechter op en agreéierten Service zréckzegräifen, fir d'Inklusioun vum Mataarbechter am Betrib ze plangen an ze begleeden.

Doriwwer eraus setzt d'Regierung op eng geziilt Sensibilisatioun an der Gesellschaft am Allgemengen, a speziell vun de Betriber, esou wéi et och am nationalen Aktiounsplang 2019-2024 fir d'Ëmsetzung vun der UN-Behënnerterechtskonventioun virgesinn ass, dat mam Zil, d'Kompetenzen an d'Plus-value vu Mënsche mat enger Behënnerung an der Aarbechtswelt ervirzesträichen. An deem Sënn ënnerstëtzt d'Regierung och Initiative vun anere privaten an ëffentlechen Acteuren, z.B. am Kader vu Projete vum Europäesche Sozialfong (FSE).